

Lieserbréif: Walrecht mat 16 bei de Gemengewalen 2023

Den 30. Dezember 2020 hu mir, d'Jonk Demokraten (JDL) eng Stellungnam fir d' Aféiere vum Walrecht ab 16 bei de Gemengewale publizéiert. D'Kriticken ob de soziale Medie koumen ewéi erwaart kuerz drop. Den Haaptkritikpunkt bei dëser Fuerderung war, datt 2015 d' Lëtzebuerger Wieler mat 78,02% géint d' Aféierung vum Walrecht mat 16 bei de Gemengen-, National- an Europawale gestëmmt hunn. Dëst ass natierlech net vun der Hand ze weisen, an awer war et eng Entscheidung, déi keen endgültege Schlusspunkt ënnert d' Diskussioun vu politescher Participatioun vu Jonker dierf setzen. Eng richteg Diskussioun iwwer Sënn an Zweck vum Walrecht mat 16 huet 2015 net wierklech stattfonnt.

Als Verrieder vun engem Deel vun der Jugend, gesi mir och eis Roll dodran, der Jugend eng Stëmm ze ginn, och wann dat wat d' Jugend ze soen huet net jidderengem gefält. An dat wat mir an alle Gespréicher, sief et mat anere politesche Jugendorganisatiounen, mam Jugendparlament, mam Jugendrot oder mat Membere vu Jugendbeweegungen ewéi „Fridays for Future“ ëmmer erëm begéinen, ass deen immense Wëlle vun engem Deel vun de Jonken, sech an déi politesch Diskussioun anzebréngen. D' Fuerderung nom Walrecht mat 16 fält do a quasi allen Diskussiounen déi mir mat dëse Verrieder, awer natierlech och mat eise Memberen hunn.

Den Drock vun der politesch interesséierter Jugend ass an de leschten 2 Joer esou enorm gewuess, datt mer decidéiert hunn, den Debat iwwert d' Walrecht mat 16 néi ze lancéiere. Dës Kéier allerdéngs mat enger Kompromëssfuerderung, déi mir de Bierger an der Politik proposéiere wëlle fir deene Jonken, zumindest bei de Gemengewalen, eng méi staark Stëmm ze ginn. Mir sinn der Iwwerzeegung, datt all jonke Matbierger, deen de Schratt mëscht fir sech op eng Wallëscht anzeschreiwen an un de Walen deelhuele wëll, e mindestens genau esou informéierte Choix trefft, bei wem hie säi Kräiz mëscht ewéi e Wieler vun 18, 45 oder 85 Joer.

Komm mir ginn deene Jonken tëscht 16 an 18 eng Chance bei de nächste Gemengewalen 2023, a wann eis Gemengenhaiser no dësem Datum ëmmer nach do stinn, dann diskutéiere mir iwwert déi nächst Schrëtt.

Michael Agostini, President vun de Jonk Demokraten